Koler Movies Lëtzebuerg

RAPPORT GENERALVERSAMMLUNG 2017

KML huet seng alljährlech Generalversammlung Samschdes, den 18. Februar 2017 zu Koler an der Schoul ofgehalen. De Comité war dësen Owend komplett vertrueden. Eng Rëtsch vun Memberen war uwiesend.

***

No der Begréissung um 19h00 huet de Marc de Réckbléck vum Joer 2016 virgedroen. Lescht Joer huet KML verschidde Projeten gefilmt an divers Tätegkeeten ënnerholl.

***

Duerno huet de Marc d' Verkafszuelen vun etlechen Filmer vum leschten Joer verëffentlecht. D'Carole huet duerno een detailléierte Keessebericht iwwert dat lescht Joer virgedroen. 2016 huet KML erëm vill Geld verdéngt an investisseiert, wie z.B an een Computer fir de Montage, an ee Beamer ...

***

Ausbléck op d 'Joer 2017:

- KML schafft weider um R4.
- KML schafft an enger Coproduktion mat Esplisclérite un engem Film deen fir Ouverture vum Koler Kino seng Premiere feiert.

***

Duerno ass de neien KML Internetsite virgestallt ginn. Ee kuerze Video huet duerch de Site gefouert an de Frank huet di vereenzelt Neierungen erkläert. De Site www.kml.lu ass ab dem 19/02/2017 fir jiddereen verfügbar.

***

De Comité, deen 2016 aus 5 Leit bestan huet, wäert och 2016 genee esou weiderfueren. Du war den offiziellen Deel vun der Generalversammlung eriwwer an et stoung Fräi Aussprooch um Programm. Déi nei KML-Memberskaart fir d 'Joer 2017 zum Präis vu 5€ ass verkaaft ginn. Leit déi nach gären eng wëllen, sollen sech bei eis mellen.

***

Ofschléissend kruten all Memberen een exklusived Ableck an de zukënftege KML-Projet R4. D 'Reaktioune waren alleguerten extrem positiv!